N°2425
Entrée le 06.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

Déi vireg Regierung hat verschidde Militärfligere fir Lëtzebuerg akaaft, dorënner een Airbus A330 MRTT (Multi-Role Tanker Transport), deen am Kader vun der NATO (EATC) zesumme mat anere Länner finanzéiert a genotzt gëtt. Wéi d'Rapportrice vum Gesetz deemools an der Chamber sot:
*"Wichteg ze soen ass, dass mer eis de facto heimadder kee Fliger kafen, mee mir hunn eis akaaft an e Pooling-and-Sharing-Programm, un deem e puer Länner deelhuelen an am Kader vun deem eeben e gemeinsame Pool vu Maschinne geréiert gëtt. […] Duerch dës Erhéijung hätt Lëtzebuerg amplaz vun den aktuellen 200 elo 1.200 Fluchstonnen zegutt, wat 12 % vum Programm entsprécht. […]*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch d'Flich oplëschten, déi am Kader vum MRTT-Programm an de Joren 2023, 2024 an 2025 duerchgefouert goufen?
   Falls dës Informatiounen aus Sécherheetsgrënn net kënne publizéiert ginn, kann d'Ministesch der zoustänneger Chamberskommissioun dës Lëscht am Huis clos präsentéieren?

2. Fir wéi vill Fluchstonnen a fir wéi eng Zwecker sinn déi lëtzebuergesch Militärfligeren zënter dem Akraafttriede vum Gesetz genotzt ginn?

3. Wéi vill Fluchstonne vu Militärfligeren goufen 2024 fir den Transport vu Regierungsmemberen oder héije Beamte benotzt (opgeschlësselt no Ministère an no Fligertyp)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten